

D'Enrôlés de force an déi Deitsch Krichsschied

De 5. November d'lescht Joer war den deitschen Bundeskanzler Helmut Kohl op offiziellem Besuch zu Lëtzebuerg. An deem Zesammenhang hat ech den 8. November an enger selveschter Radiosendung wéi déi heiten drop higewisen, dass d'Streitsach teschend Lëtzebuerg an der Bundesrepublik a Sachen Zwangsrekrutéierung am 2te Weltkrich bei deem Besuch zur Sproch komm wär. D'Fédératioun vun den Zwangsrekrutéierten hat an engem Bréif un de Bundeskanzler wéi och an enger Spezialnummer vun hirem bulletin "Les Sacrifiés" op des Problématik higewisen. Ech hat démols drun erennert dass de Krichsschied déi Lëtzebuerg duerch déi deitsch Invasioun 1940 entstanen ass, an duerch d'Folgen vun der Zwangsrekrutéierung an der Déportatioun vun Lëtzebuenger, onst Land nom heitegen Indexstand zirka 30 Milliarden Frang kascht. Heivunner wäeren mindestens 8 Milliarden Kierperschied. Kén aner Land dréit, am Verhältnes zu sénger Awunnerzuel, esou schwéier un de Folgen vun dese Verbrieche wéi eben Lëtzebuerg. A kengem anere Land muss de Steierzueler esouvill beidroen fir des Schied zu bezuelen wéi bei ons. Jonk Steierzueler gin zuer Oder geloss fir eppes wat sie émol guer net mat erlievt hun, geschweig da verbrach.

D'Fédératioun vun den Zwangsrekrutéierten stung nach emmer a stéht dofir och nach haut um Standpunkt, dass d'Nofolger vun Nazi-Daitschland sech un de Bezuelungen vun dese Schied zu mindestens bedélege missten. Elo gett awer vu bestemme Seiten gesot firwat halen dann d'Zwangsrekrutéiert net endlech op mat hire Fuerderungen. Hu sie net lang genuch gestridden, Onrouh am Land an op der politescher Bühn gestéfft? Dobei sin jo all hir Fuerderungen erfüllt gin. No 40 Joer ass et endgültig un der Zeit ze vergiessen wat démols geschitt ass.

Gewess hun d'Edf an zéiem an onermidlechen Asatz Joerzinkte lang gestridden bis d'Gesetz^{mun} 1967 kum. Dono Gesetz vun 1974 iwert den Rentenzouschoss bei fréizeiteger Invaliditéit oder Doud. An endlech d'Gesetz vum 12. Juni a 14. Juli 1981 déi déi lescht Diskriminatiounen ofgebaut hun. D'Edf kennten also mat hiren Erfolger voll zefridden sin, hirt Netopgin huet sech gelount a sie kennten, wéi aner patriotesch Organisatiounen sech ausschliesslech op Komerodschaft an Erennerungsfeiren beschränken. Dach eppes léisst ons nach keng Rou!

Dat sin d'Gedanken un déi schwéier finanziell Belaschtungen déi op d'Schelleren vun alle Lëtzebuenger drécken als Folgen vun de Krichserégnesser an der deitscher Besatzungszeit. Chargen déi och nach no 40

Joer eng Roll spillen bei der Festléung vun den erfuerderlechen Steierlaschten an och zumindestens nach 20 Joer undauern bis se wesentlech ofhuelen. Et waren net nemmen déi éler Generatiounen déi heimadden belascht waren. Och ons Generatioun, gouv, ausser den opgezwungenen Entbierungen, Ennerdréckung an den moraleschen, a physechen, erliddene Schied och nach am aktive Lieven finaziell gefuerdert. A schliesslech mussen déi jénger Generatiounen och nach weidder mathellefen des Laschten ze droen bis ^{se} ~~se~~ endlech ^{ganz} ~~so~~ alleng ze droen hun. Déi Zeit wou d'Geld sech méi licht verdingt huet, waren des zousätzlech Chargen och méi licht ze droen mä haut wou et un allen Ecken méi knapp an der Kés gett, op beim Staat an de Gemengen oder an der égener Tesch do géiw dach eng Erlichterung duebel erfrélech wirken. Leider ass och fir 1983 de Gesetzgeber net derlanscht komm d'Steierlascht nach erop ze schrauwen. Firwat also soll onst Land net op séngem Recht ~~hiwieren~~ ^{bestoen} an drop hiwierken déi Créance déi et beim Nofolger Nazideutschland huet eranzedreiven? Jo, mir Edf sin esouguer dovun iwerzégt, dass et ons Aufgab ass, emmer erem drun ze erennen an net nozegin bis och Deutschland seng jetzeg Positioun opgett a bekéd ass, dem letzebuergesche Staat ze hellefen d'Krichschied ze bezuelen.

De Maître Georges Nonnenmacher, prominenten internationalen Jurist huet a séngem Buch "La Grande Honte" ganz kloer nogewiesen, dass no internationalem Recht Deutschland verpflichtet ass d'Schied déi aus der Zwangsrekrutéierung entstane sin erem gud ze machen. Wéi lang wëllen also d'Nofolger vun Nazi-Deutschland sech nach langscht hir international Verpflichtungen drécken, ^{dal} ~~ass~~ d'Fro! Wéi lang welt Deutschland an der europäescher Gemeinschaft als gleichberechtigten Partner unerkannt gin ^{gin} ~~ouni~~ ~~aver~~ selver d'Regelen vum internationalem Recht vu sech aus ze applizéieren.

A senger Äntfert op de Bréif vun der Fédératioun vun den Edf bestäetgt de Bundeskanzler Helmut Kohl d'Verhandlungen mat onser Regierung a sét a séngem Schlusssatz:

"Hierüber stehen wir mit Ihrer Regierung in engem Kontakt."

Et ass also un onser Regierung vir um Ball ze bleiben. Net aus "Bescheidenheit" oder "guten nachbarlichen Beziehungen" oder duerch héich déitsch Auszéchnungen ^u ~~op~~ politesch Perséinlechketen, ^{derle mir aus} ~~sech~~ awéckelen ze lossen, mä resolut muss déi berechtigt létzebuergesche Fuerderung mat allem Nodrock emmer erem op Tapéit bruecht gin. Nemmen esou kann et zu engem Erfolleg fir onst Land kommen, déi sech besonnesch gënschteg duerch eng Steierreduktioun an deser Krisenzeit fir all Lëtzebuurger géiw auswirken.